

classée comme exclusivement résidentielle et doit disposer ou avoir accès à des structures adéquates pour accueillir les clients se déplaçant en voiture,

- *que ces dispositions risquent de favoriser le trafic motorisé individuel et de provoquer une augmentation sensible de celui-ci avec les nuisances qui en découlent,*
- *qu'il importe aussi de mettre tout en œuvre pour favoriser l'utilisation du transport public durant le temps de loisir,*
- *qu'une amélioration de cette offre aurait également des effets positifs en matière de sécurité routière,*

invite le Gouvernement

- *à tout mettre en œuvre, en se basant sur les efforts déjà accomplis par les communes, pour développer l'offre du transport public au-delà des heures de pointes et notamment pour les trajets effectués à des fins de loisir,*
- *à développer dans le cadre du projet "mobilité.lu" un concept attractif "vie nocturne",*
- *à se donner une stratégie pour inciter la population à profiter d'une offre améliorée de transport public pour les trajets effectués à des fins de loisir*

Vote

Wie fir d'Motion modifiée ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

Ech stelle fest, datt d'Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Mir kommen elo zum nächste Punkt, an zwar zu der Proposition de loi 4653 iwwert d'Structures d'accueil an der Primärschoul.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn age-droen: déi Häre Wiseler, Di Bartolomeo, d'Mme Durdu, den Här Gibéryen, den Här Gira, den Här Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur an Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Robert Garcia.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

4. Proposition de loi 4653 de M. Robert Garcia relative à l'organisation de structures d'accueil pour les enfants fréquentant l'enseignement primaire et modifiant la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn net sécher,

ob ech elo hei Protagoniste vun engem historiesche Moment an der Chamber sinn, mä zumindest - mengen ech - ass et eng Première, déi de Moment hei ofleef. Ech géif soen, et wär net all Dag de Fall, dass e Verrieder vun der Oppositoun eng Proposition de loi hei déposiert huet, déi net den Aval vun der Majoritéit fonnt huet, déi awer e positiivt Uerteel vum Conseil d'Etat kritt huet, dee vun enger dräifacher Kommissioun, also vu maximal 36 Deputéierten eestëmmeg zum Rapporteur designiert ginn ass, an deem hei e Rapport virdréit, dee vun eelef, vun zwielef Membre vun der Educationskommissioun gutt-geheescht ginn ass, an deem natierlech dann an enger schizophrener Situatioun ass. E fënnt déi Proposition natierlech gutt, vu dass en Auteur a Rapporteur ass, an e muss lech mat Vehemenz iwwerzeegen, en net ze stëmmen. Dat ass also eng schizophrener Situatioun, déi d'Mme Durdu an d'Mme Brasseur mer agebrocht hunn. Ech wëll awer deenen zwou Kolleeginnen,...

(Interruption)

...also der Mme Durdu an der Mme Brasseur, merci soen, fir déi grouss Ouverture d'esprit, déi se gewisen hunn, fir trotzdeem op dee Wee ze goen, dee jo net d'Unanimité vun der Chamber hei fonnt huet. Wann nämlech eng Unanimité vun der Chamber an der Prozedur fonnt gi wär, da wär déi Proposition de loi scho méi fréi an de Plenum komm, well, ech wëll drun erënnern, dass de Rapport scho vu viru méi wéi dräi Méint gestëmmt ginn ass.

Déi Proposition de loi konnt elo net an d'Chamber kommen anscheinend, well d'Conférence des Présidents Modalitéite fanne wollt, fir am Allgemenge mat Proposition-de-loien ëmzegoen. Ech hu mer zwar soe gelooss, dass déi Modalitéiten nach net fixéiert gi sinn, soudatt ech unhuelen, dass et enger aner Form vu Structures d'accueil, nämlech de Caféen an de Cabareten ze verdanken ass, dass meng Proposition de loi iwwert déi Structures d'accueil...

(Interruption)

...de jour och op den Ordre du jour komm ass, hannert de Structures d'accueil de nuit.

Ech wëll eng Kéier kuerz de Kontext rappeléieren, an deem virun zwee Joer déi Proposition de loi hei déposiert ginn ass. Dat war um Héichpunkt vun den Auseinandersetzungen iwwert déi feelend Structure-d'accueilen, haaptsächlech am Kontext vun de Primärschoulen an dësem Land. Et si vill Defiziter opgewise ginn, wou Famillje keng Structure-d'accueille fir hir Kanner fonnt hunn, well se zu zwee schaffe gaange sinn an déi Gemengen net genuch Strukturen offréiert hunn, fir deene Kanner en dezenten an och effikassen Accueil ze garantéieren. Et war esouguer eng Initiativ, eng Associatioun gegrënnt ginn "Eltere mobiliséieren", déi ganz vill Lobbyarbeit gemaach huet, an déi och e gewëssenen Erfolleg hat, well

et si sech ëmmer méi Gemenge bewosst ginn, dass se sech net méi laanscht déi Verantwortung stiele kënnen.

De Prinzip vun dëser Proposition de loi baséiert op enger Verännerung vum Schoulgesetz vun 1912, wou d'Recht vun all Kand bis fofzéng Joer festgeluegt ginn ass, fir vun enger Gemeng Schoulstrukturen zur Verfügung gestallt ze kréien. Dës Proposition de loi wëll dës Schoulstrukturen op Structures d'accueil erweideren, wuelwëssend, datt d'Schoul sech net méi eleng op déi Vermëttlung vu Wësse beschränke kann, mä datt och aner para- a périscolaire Aktivitéiten dozougeheieren.

An der Proposition de loi ass dofir de Rôle vun der Schoul an eiser Gesellschaft hannerfrot ginn, awer och de Rôle vun der Familljen. Et ass net méi esou, dass an allen, oder an der Mehrzahl vun de Familljen ëmmer een doheem ass, fir sech ëm d'Kanner ze këmmern. Et ass och net méi wouer, dass d'Elteren, souguer wa se doheem sinn, d'Méiglechkeeten hunn, mat de Kanner d'Schoulmatière opzeschaffen, well déi ëmmer méi komplex gëtt, an d'Elteren och net méi dat Wëssen an déi Zäit hunn, fir mat hire Kanner zesummenzeschaffen.

Letztendlech ass och de Rôle vum Pouvoir public hannerfrot ginn, well wann et richteg ass, dass de Pouvoir public weder d'Mammen nach d'Pappen zwénge kann doheem ze bleiwen, se och net zwénge kann schaffen ze goen, da muss e se an enger neutraler Form och net drun hënneren, schaffe goen ze kënnen, andeem e keng Structure-d'accueil fir hir Kanner ubitt.

Wat seet dann elo inhaltlech déi Proposition de loi vum Abrëll 2000? Éischtens gëtt den Droit op Structure-d'accueil fir all Kanner, déi den Enseignement primaire fréquentéieren, festgeluegt.

Dat bedäit awer net, zweetens, datt all Kand an déi Structure-d'accueil goe muss. Et ass also net d'selwecht wéi bei der Schoul. Et besteet also keng Pflicht wéi bei der Schoul, an och net wéi et vläicht a fréieren Ostblockregimen de Fall war. Et ass also eng Fräiwëllegkeet vun der Offer, an et ass och keng Gratuitéit vun der Offer. Et ass also och an der Proposition de loi festgeluegt, dass déi Leit, déi vun där Offer profitéiere wëllen, e Beitrag leeschte müssen; e Beitrag, deem allerdéngs no hirem Akommes gestaffelt ass.

D'Proposition de loi préconiséiert dann och, dass déi Structure-d'accueil an alle Gemenge vum Land etabléiert musse ginn, an zwar an engem Délai de grâce vu sechs Joer, an deem d'Gemengen ebe mat der Hëllef vum Stat sou Strukturen opbaue kënnen.

Da gëtt och definéiert, wéini déi Structure-d'accueil fonctionnéieren, allerdéngs net an der Nuecht natierlech, mä haaptsächlech endehors vun den normale Schoulstonnen an och an enger grousser Partie vun de siechzëng Woche Vakanz, well, wann déi exclu wieren, dann hätt

dat Ganz net vill Sënn, well déi weinegsten Elteren och siechzëng Woche Vakanz hunn.

Dann ass och an der Proposition de loi definéiert ginn, a wat fir enge Lokalitéiten déi Structure-d'accueil etabléiert solle ginn. Am beschten net an de Schoulen, fir aus deem schoulesche Kader erauszekommen, mä an adequate Lokalitéiten, am beschten an der Ëmgéigung vun de Schoulen, soudass e gewëssene Kontakt mat de Schoule bestoe kann, besonnesch, wann et ëm déi Aktivitéiten, déi mat der Schoul ze dinn hunn, geet.

Dann ass och nach e ganz wichtegen Aspekt, dass déi Structure d'accueil sech net nëmmen op e Volet de garde beschränke soll, et ass also keng Crèche. Mä et sollen och eng ganz Rei vun Aktivitéiten ugebuede ginn, vun deenen en Deel och mat der Schoul ze dinn huet. Dofir wollte mir an där Proposition de loi natierlech och déi Tutelle vum Ministère de l'Education festhalen, fir dass dee Lien tëschent der Schoul an de Structure-d'accueil, wann et zum Beispill ëm Aktivitéite wéi Ecole et devoirs, Cours-d'appui, oder Etudes dirigées oder Travail individuel geet, accordéiert sinn.

Da soll och e Personal do agestellt ginn, dat qualifizéiert ass, dat och no de gängegen Norme rémunéréiert a behandelt gëtt. Schliesslech soll déi Opdeeleung tëschent den Elteren, der Gemeng an dem Stat, wat d'Fonctionnementskäschten ubelaangt, all Kéiers zu engem Drëttel definéiert ginn. D'Käschte vun den Infrastrukturen sollen zur Halschecht vun de Gemengen an zur Halschecht vum Fonds d'investissement social vum Stat gedroe ginn.

Et ass och an der Proposition de loi eng Schätzung gemaach ginn, datt dat de Stat supplementar 17, 5 Milliounen Euro kaschte géif, wat den Investissement betrëfft, a 45 Milliounen Euro zousätzlech Budgetausgaben, wat ganz 3% vum Budget vun der Education nationale ausmécht.

Dat also kuerz zum Inhalt vun der Proposition de loi. Den Avis vum Conseil d'Etat kout de 27. Mäerz 2001, also bal e Joer dono. Deen Avis huet sech net där Proposition de loi opposéiert, an huet nëmme geréngfügig Ännerunge gemaach.

Do kout et dann - wéi ech scho gesot hat - zu enger Réunion jointe vun dräi Kommissiounen vun dësem Parlament. Do sinn ech dann eestëmmege op Propositionen vun der Presidentin, der Mme Durdu, als Rapporteur designéiert ginn. Ech hunn de Rapport dann och fäerdeg gestallt. An der Diskussioun vun der Kommissioun, déi iwwer véier Sitzunge gaangen ass, sinn natierlech déi contradictoire Positiounen kloer ginn.

D'Regierung huet gesot, dass si sech mat där Proposition de loi net identifizéiere kéint, an zwar aus verschiddene Grënn. Éischtens ass d'Regierung schonn an hirer Regierungserklärung dovunner ausgegangen, dass si eng Séparation nette tëschent der Schoul an dem Temps libre

maache wëll. Dofir huet si och d'Kompetenze vun de Structure-d'accueil am Primaire dem Familljeministère iwwerdroen, während d'Kompetenze vun deem schoulesche Beräich natierlech weider an der Education nationale bleiwen.

Des Weidere wëllt d'Regierung net op de Wee goen, fir an engem gewëssenen Délai allgemeng ze forcéieren, fir déi Structure d'accueil unzebidden, well si der Meenung ass, dass d'regional Gegebenheete vun de Gemenge ganz verschidde sinn. Ech hunn aus enger Question parlementaire vum Här Mars Di Bartolomeo erausfonnt, datt de Moment 41 Gemenge Structure-d'accueil ubidden.

D'Regierung ass der Meenung, dass déi strikt Konditiounen, déi an dëser Proposition de loi virgeschriwwen gëlle ginn, eigentlech zimlech ähnlech si wéi déi, déi am sou genannten ASFT-Gesetz ze fanne sinn, an esou also net zousätzlech légiféiert misste ginn, vu dass souwiesou an hirer Optik d'Responsabilitéit vun de Structures d'accueil dem Familljeministère ënnerläit an ergo natierlech och dëselwecht Kritäre wéi am ASFT-Gesetz gëllen, soudass et och net néideg wär, fir do extra ze légiféieren.

Datselwecht gëllt laut der Regierung och fir d'Participation vum Stat un den Infrastrukturen, well déi jo och definéiert sinn an der gesetzlecher Basis vum ASFT, an zwar bis zu 50% vun de Frais d'investissement vun de Gemengen. An dem Examen an der Kommissioun sinn déi Argumenter och nach eng Kéier virbruecht ginn. Dofir koume mer dann zum Schluss vun eisen Diskussiounen zu där relativ interessanter Konklusioun, dass eben effektiv Divergenze bliwwen sinn zwëschent dem Auteur vun der Proposition de loi an der Majoritéit vun der Kommissioun. Déi Divergenzen hu sech op dräi Hauptberäicher focaliséiert: 1) d'Compétence ministérielle, 2) d'Obligation vun de Gemenge fir an engem gewëssenen Délai déi Strukturen unzebidden an 3) iwwert d'Fixation vun de Regeln iwwert d'Organisation vun de Structures d'accueil, déi, wéi ech gesot hunn, no der Meenung vun der Majoritéit scho genügend duerch d'ASFT-Gesetz couvréiert sinn.

Dofir sinn ech dann opgefuerdert gi vun der Majoritéit vun de Membre vun der Kommissioun, der Chamber ze recommandéieren, dës Proposition de loi net ze stëmmen. Dat mécht mech natierlech ganz traureg, well ech perséinlech déi Proposition de loi nach ëmmer schrecklech gutt fannen. Dofir wëll ech déi Leit, déi déi Proposition de loi nach net gutt fannen, dann eben opfuerderen, se net ze stëmmen, an deene Leit, déi se awer gutt fannen, géif ech nach eng Kéier rappeléieren, dass am Artikel 50 vun der Constitution folgendermosse steet: "La Chambre des Députés représente le pays, les Députés votent sans en référer à leurs commettants, il ne peuvent avoir en vue que les intérêts généraux du Grand-Duché."

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Claude Wiseler ageschriwwen.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufanks selbstverständlech dem Här Garcia merci soe fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

(Hilarité)

En huet deen Acte de schizophrénie, wéi en e selwer viru genannt huet, wirklech mat Brio gemeeschtert, an en huet effektiv genau dat hei gesot, wéi mer et an der Kommissioun geschwat hunn, mat allen Detailer, och, wa se him heiansdo net esou gefall hunn. Mä ech denken, datt dat och de Rôle vum Rapporteur ass.

Et ass ganz vill iwwert dësen Text ze soen. Et ass och scho ganz vill iwwert dësen Text gesot ginn - dat muss een och soen, well mir haten e jo schonn eng Kéier hei virun enger Rei Méint presentéiert, an do huet jo jiddfer Fraktioun repektiv eng Rei Fraktiounssprecher sech schonn iwwert den Text ausgeschwätzt, soudatt een an dëser Etapp elo vläicht mat der Zäit e weëneg weidergoe kann, an dat, wat an der Tëschenzäit schonn décidéiert a geschitt ass, nach an d'Diskussioun mat erabréngen kann, mä dat meescht vun den Argumenter ass och schonn op dëser Plaz eng Kéier gesot ginn.

Ech wëll mech also dofir just op dat Essentiellt resüméieren. Et ass sécherlech net contestabel, dass de Besoin vu Strukturen dëser Natur extrem grouss an deene leschte Jore ginn ass. Wann een och kuckt, wat bei verschidden Ëmfroen, och notament hei zu Lëtzebuerg an där leschter Zäit, erauskomm ass, da mierkt een, datt déi meescht Leit - iwwer 80%, iwwer 90% vun deene jonke Leit, déi ënner 35 Joer hunn - d'Mise à disposition vu Strukturen vun dësem Type einfach als eng Normalitéit ëmfannen, déi Strukturen och brauchen, an dat och als absolut normal ugesinn.

Et muss een och soen, datt ganz vill Gemengen an der leschter Zäit grouss Efforte gemaach hunn, fir déi Strukturen en place ze setzen a fir och iwwer hir Gemeng an dee Moment iwwert d'ganz Land den Tissu vu Strukturen esou ze spannen, datt d'Disponibilitéit awer an deene leschte Jore vill gewuess ass. Als een, deen eng Rei Joren - zéng Joer - um Familljeministère geschafft huet, an zu engem Deel mat enger Problematik vun deem do Typ beschäftegt war, weess ech, wéi grouss d'Demande ass vun deenen eenzelne Gemengen, wéi wichteg et de Gemengen ass, datt se an deene Strukturen och weiderkomm sinn, ganz einfach well se et gespiert hunn als en dagdeeglechen, reelle Besoin vun de Leit, an dofir et och als Pflicht vun der Gemeng ugesinn hunn, fir de Leit deen Type vun Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen. Am Rapport vum Familljeministère, dee virun e puer Deeg eis zougeschéckt ginn ass, gesäit een, dass och dat säit deene

leschte Joren net méi kleng ginn ass, au contraire dass et nach weider gewuess ass.

D'Grënn vun deene supplementare Besoine si ganz klor: Aner Liewensrhythmen, zwee Partner, déi schaffen, Responsabilitéitsopdeelung an de Familljen an dee Moment och supplementar Besoine fir eng Hëllef fir d'Kannererzéiung, déi sech an engem soziologeschen Ëmfeld vun haut esou kennzeechent.

Dofir soen ech, dass déi Diskussioun, déi gefouert gëtt iwwert d'Schafung vun esou Strukturen, net eng niewesächlech, mä eng wichteg Diskussioun ass fir d'Leit alleguer, dass et eng normal Diskussioun ass, déi sécherlech gefouert muss ginn. Eng Diskussioun iwwert d'Responsabilitéit, iwwert d'Finanzéierung an iwwert den Engagement, dat jiddfer Gemeng soll hunn. Dofir ass et wichteg, dass eng Politik soll gemaach ginn, déi d'Entwécklung vun esou Strukture voluntaristeschesch ënnerstëtzt.

Mir stinn deene Prinzipiën vun der Ried zu engem groussen Deel extrem positiv géinteniwwer. Nach muss ee soen, an ech widderhuelen hei d'Argumenter, déi souwuel bei der Virstellung vun dësem Text virun enger Rei Méint hei gesot gi si vu mir selwer zum Fong, wéi déi Argumenter, déi an der Kommissioun ervirgetrach gi sinn.

Dëst Gesetz gesäit vir, dass een Norme fir Structures d'accueil soll aféieren. Or, ech stelle fest, dass an deem Sënn jiddefalls d'Proposition de loi, esou wéi se hei virläit a souguer schon ier se déposiert war, awer vun der Realitéit iwwerholl gi war, well mer am ASFT-Text vum 8. September 1998 plus d'Applikatiounsreglementer vum 28. Januar 1999, déi aus deem ASFT-Text entstanen sinn, eng ganz Rei Konditiounen fir den Agrément definéiert hunn, déi extrem wäit ginn an déi am Detail definéieren, wat d'Metercarrészuele pro Grupp, pro Alter, respektiv wat d'Zuel an d'Qualifikatiounen vun deene Leit si müssen, déi sech ëm d'Kanner bekëmmere, esou dass ech pour ma part soen, dass esou Norme schon existéieren, dass se immens prezis sinn. Et kann ee se contestéieren, et kann een och net dermat d'accord sinn. Et kann ee se als net streng genuch gesinn oder se vill ze vill streng fannen. Et gëtt där enger an et gëtt där anerer, mä et kann een net soen, et wäre keng do. Ech denken, et si ganz klor Reglementer säit 1999. Vill Gemengen hunn d'ailleurs eng ganz Rei Schwierigkeeten fir déi Strukturen, déi se virdrun haten, op déi nei Normen ze kréien. Si hunn dofir jo eng Transitiounszäit kritt, fir sech no deenen neien Normen an d'Rei ze setzen. Dofir mengen ech, et ass kee Besoin do fir eng nei legal Basis.

Wat d'Modalitéiten vum Fonctionnement vun esou Strukturen ugeet, esou mengen ech, dass och do den Text vun 1998 iwwert den ASFT, well en de Konventionement a well en den Agrément relativ prezis definéiert, schon eng Rei vu Modalitéiten iwwert de Fonctionnement virgesäit.

Eent vun deene wichtigsten Argumenter ass éischer e politescht Argument. Dir hutt déi Propositionen iwwert

d'Foyeren an iwwert all déi Strukturen, déi ronderëm d'Schoul sinn, an d'Gesetz vun 1912 wellen aschreiwen, wat d'Gesetz ass, wat d'Primärschoule fonctionnéieren deet. Ech verstinn, dass een dat wëllt maachen, well een domat wëllt eng direkt Verbindung tëschen Schoul an deenen Institutiounen hierstellen. Dat ergëtt eng gewësse Logik. Ech mengen awer, dass een och kann eng aner Logik agoen, fir ze soen, et ass wichteg, dass déi Strukturen zwar a Koordinatioun matenee musse fonctionnéieren, well d'Kanner, wa se an der Schoul fäerdeg sinn, ganz oft an esou Strukture ginn, an do musse se en Zousaz vun Educatioun, vu Pédagogie a wat och ëmmer kréien, mä dass et awer och wesentlech ass, dass déi Strukturen net eent an datselwecht sinn, an dass dofir déi Trennung zwëschen zwee Ministèreen an zwee verschidene Gesetzestexter scho Sënn mécht. Dat ass eng Logik, déi ech éischer wëllt bis zum Schluss ausdenken, wéi déi Logik fir et an d'Gesetz vun 1912, wat e Schoulgesetz stricto sensu ass, anzeféieren.

An deem Text hei ass et och esou, dass keng Plaz ass fir de Privatséktor, deen net ernimmt ginn ass, mä dee ganze Volet vun de Foyere gëtt op de Gemengen als Responsabilitéit dohinner ginn, woubäi ech mengen, dass awer och an deem do Secteur d'privat Associatiounen, respektiv privat Foyere sécherlech eng Roll, an net eng onwesentlech, kënnen iwwerhuelen. Si kënnen notament de Secteur public ganz staark entlaaschten an domat e ganz flotten a ganz gudde Complément zu deene Strukture bréngen. Mir hunn eng ganz Rei Foyeren iwweregens, net nëmmen an der Stad Lëtzebuerg mä och iwwert d'ganz Land, déi vill Kanner ëmfänken an déi e ganz gudde pedagogesche Complément ginn. Si ginn zu engem Deel säit 1998 kontrolléiert, wat jo wesentlech ass no dem Gesetzestext vum ASFT, deen den Agrément virschreift.

Dann déi finanziell Implikatiounen, déi Der hei rechent. Ech weess, dass Dir als Auteur wahrscheinlech net iwwer all déi Donnéeën verfügt iwwert déi eng Administratioun verfügt, fir e Paquet financier ze errechnen, deen an esou enger Aarbecht do misst gemaach ginn, mä déi Rechnung, déi hei gemaach ginn ass, do gesinn ech net wéi een dorop kënnt, respektiv op wat dat sech baséiert, an dofir kann ech also net aschätzen, ob se richtig oder falsch ass.

(Interruption)

Ech gesinn, dass d'Erfahrungswäerter an deenen engen an an deenen anere Gemengen awer wäit ausernee leien. A wann ech se da mat den Erfahrungswäerter vun der Famille rechnen, a wann ech se mat den Erfahrungswäerter, déi am Privatséktor existéieren, vergläichen, da leien mer awer du simple au double. Ech weess net ob Biekerech, Här Gira, de Standard fir d'ganz Land ass, méiglecherweis, mä ech kann et net soen.

D'Fro ass jo net, ob d'Rechnung richtig oder falsch ass, et geet ëm de Prinzip vun där ganzer Saach an och ëm d'Obligatioun, déi de Gemengen operluegt gëtt. Do

denken ech, dass een awer d'Gemeenge muss an enger gewëssener Autonomie loossen, fir déi Décisiounen ze huelen, déi ze huele sinn an deem Kontext. De Wëlle vun de Gemengen ass awer klor bewisen duerch d'Evolutioun, déi mer an der leschter Zäit haten, a mat dem Wëlle vun deene meeschte Gemengen, fir op esou e Wee ze goen.

De Ministère de la Famille, respektiv d'Regierung am Allgemengen, huet jo och décidéiert, dass een déi Gemeng, déi op dee Wee wëllt goen, net kann eleng loossen, a proposéiert eng substantziell Finanzhëllef, souwuel fir d'Infrastrukture wéi fir de Fonctionnement, wat absolut wesentlech ass. A wann ech den Text richteg gellies hunn, ass dat esouguer zu engem Deel méi wéi dat, wat Dir am Text virschlot, well Dir schlot eng Opdeelung vun engem Drëttel, engem Drëttel an nach engem Drëttel vir, wou och nach d'Eltere participéieren. Hei schléit de Familljeministère an d'Regierung 50% vir, natierlech ouni Obligatioun fir et ze maachen.

Wat ech soe wëll, dat ass, dass an deem leschte Joer ganz klor substantiell an zousätzlech Hëllef komm si vun der Regierung, fir déi eenzel Ennerstëtzen ze maachen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Am Moment ass et jo och esou, dass de Stat 50% bei de Fonctionnements-käschten iwwerhëlt vun deem, wat iwwreg bleift. Net 50% vun deem Ganzen. 50% vun deem, wat iwwreg bleift, nodeem d'Elteren e Beitrag gemaach hunn.

M. Claude Wiseler (CSV). - Woubäi ee wësse muss, dass, wann een d'Moyenne vun den Elterebeträgg rechent, dat wäit ënnert engem Drëttel vun dem Gestehungspräis läit.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dat ass an der Rei.

M. Claude Wiseler (CSV). - Ech wëll awer mat enger positiver Note ophalen. Ech denken, dass déi Proposition hei, wat d'Grondprinzipien ugeet, net falsch ass, dass se awer déi Problemer huet, déi ech elo erwähnt hunn. Ech mengen, dass dësen Text deenen Zilsetzungen, déi e sech gesat huet, andeem wéi e se proposéiert, net entsprécht, obwuel ech d'Zilsetzung richteg fannen, dass d'Regierung eng Rei aner Weeër ageschloen huet, an dass se amgang ass, an deene leschte Jore ganz substantiell déi Entwécklung vu Foyeren, vu Crèchen, och finanziell ze förderen, an dass dee Sujet an deem Gesetzeskader, wou den Auteur vun der Proposition en eragesat huet, dat heescht d'Schoulgesetz vun 1912, dass dat net dee richteg Kader ass, fir en eranzesetzen. Opgrond vun deenen Argumenter wäert meng Fraktioun dësen Text net stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet d'Mme Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif soen, endlech ass dës Proposition de loi hei an der Plénière. Et war esou vill

Geplänkels zur Prozedur an zur Opportunitéit, dass ee scho bal net méi wousst, wat den Inhalt dervun nach wär.

Ech wëllt awer dem Här Garcia félicitéiere fir seng Initiativ a fir de Rapport, well vun eiser Siicht aus ass den Inhalt jiddefalls derwäert, dass en diskutéiert gëtt, vu dass et drëm geet, duerch d'ganz Land an alle Gemenge fir d'Kanner am Préscolaire an am Primaire en Ugebuet ze schafen, dass se kënnen niewent den traditionelle Schoulstonne vu qualifiziertem Personal encadréiert ginn. All Gemeng soll och obligéiert ginn, dëst Angebot ze schafen, während et den Eltere vun de Kanner opsteet, ob se wëllen oder net vun dësem Angebot profitéieren.

Wichtig ass an dëser Proposition, dass den Encadrement soll an der Schoul geschéien, dass d'Kompetenz fir dës Organisatioun am Ministère de l'Education nationale soll leien, well et als Schoulangebot ugesi gëtt a fir ze verhënnern, dass e Kompetenzsträit entsteet tëschent Ministère, an dass och derfir gesuergt gëtt, dass déi eng, dat heescht d'Enseignanten an der Schoul, an déi aner, déi d'Kanner ronderëm d'Schoul betreien, och solle matenee schwätzen an zesummeschaffen am Intérêt vum Kand.

Et gëtt eigentlech zwou Kategorië vun Argumenter, déi fir esou Infrastrukturen a fir déi Betreiuungsstrukture plädéieren.

Eischens, an dat ass hei scho vill gesot ginn, d'Liewengewunnechten hu sech geännert. Wéi ech kleng war, war den traditionelle Familljmodell, dass eng Mamm doheem war oder eng Persoun do war, wann d'Kand aus der Schoul komm ass, eng Persoun, déi gehollef huet Hausaufgabe maachen oder se huet se op d'mannst iwwerwaacht. Si huet d'Kand opgefrot an dofir gesuergt, dass d'Kand eppes ze iesse krut. A wann et gefall war, ass och nach eng Ploschter op de Knéi komm.

Haut, och wa mer zu Lëtzebuerg eng relativ niddreg Fraebeschaftungsquote hunn, sinn ëmmer méi Frae berufstäteg. Et ass also net ëmmer méiglech an enger Famill, souguer mat zwee Elterendeeler, dass ëmmer eng Presenz doheem garantéiert ass.

Doduerch dass d'Zuel vun de Scheedungen an d'Zuel vun de Gebueren vu Kanner ausserhalb vum Bestietnis zouhëlt, gëtt et ëmmer méi monoparental Familljen, wou iwwerhaupt keen zweete Partner existéiert, an dofir ka selbstverständlech och keen zweete Partner doheem present sinn.

Dës verännert Liewengewunnechten, ob een déi elo bedauert oder net, déi stelle forcément d'Gesellschaft an och d'Schoul virun nei Eerausforderungen a verlaangen, dass op d'mannst en Angebot besteet, fir d'Kanner ze encadréieren an domat d'Familljen ze entlaaschten.

Ech géif soen, dat wäert reaktiv Argumenter, déi d'Politik missten derzou bewegen, eng Offer u Crèchen, u Gar-

diennage ze organiséieren, well et net nëmme méi eng Minoritéit vu Familljen ass, déi mat dëse Problemer konfrontéiert ass, mä e groussen Deel vun der Populatioun, deen do eng Demande stellt.

Dat schéngt souguer en Argument ze sinn, wat der Regierung aliicht, well si huet jo Efforte versprach, wat d'Zurverfügestellung vu Crècheplazen, vun Dagesmammen, vu Gardiennage soll verbesseren. Dat beinhalt awer ëmmer nach, dass en Ënnerschied gemaach gëtt tëschent der Schoulzäit an der fréier Zäit, déi aner Zäit, wou d'Kand net an der Schoul ass, vu dass et hei ëm Kanner am Schoulalter geet.

An hirer Stellungnahme zu dëser Proposition de loi seet d'Regierung, si wär fir eng "séparation nette entre l'école et le temps libre", an dat ass hiert Argument fir dës Proposition de loi ze refuséieren. D'Regierung probéiert dat ze argumentéieren, well d'Besoinen u Liewensgewunnechte wäeren an der Gemenge jo ganz verschidden, woubäi een awer muss feststellen - ech sinn zwar keng Gemengemann, mä ech héieren awer -, dass déi Gemengen, déi eng Offer niewent den traditionelle Schoulstonnen ubidden, oft iwwerschwemmt gi vun Demanden vun Elteren, déi an anere Gemenge wunnen, an dass dat e Gegräns an e Gestreits gëtt tëschent der Gemenge wie bezillt, an esou weider. Et ass also net esou, dass d'Liewensgewunnechten esou total verschidden uechtert eist Land wäeren.

Mat deemselwechten Argument vun der Separatioun tëschent Schoul an net Schoul, probéiert d'Regierung d'Kompetenzopdeeling tëschent dem Ministère de l'Education nationale an dem Ministère de la Famille, déi eng zoustänneg fir d'Schoul, déi aner fir d'Structures d'accueil, ze justifiéieren. Allerdéngs ass déi net ze justifiéieren, éierlech gesot, do kann ee sech ustrengen, mä ech gesi keen Argument derfir, well et féiert zu onendleche Schwieeregkeeten um Terrain. Och do zitéieren ech meng Kolleegen, déi Gemengepapp a -mamm sinn, déi net wëssen, wéi engen Expäire vu wéi engem Ministère se dann elo mussen nolauscheren, wou d'Personal vun de Bestreungsstrukturen net mat den Enseignante schwätzt an ëmgedrënt, a wou mer eis froen, wou den Intérêt vum Kand an där ganzer Fro bleift.

Déi Zort Argumenter ëm de Familljemodell, deen et noutwendeg mécht, en Angebot u Betreungsstrukturen duerch d'Land ze offréieren, géif eleng schon duergoen, fir dës Proposition de loi ze stëmmen, mä fir eis ass déi zweet Zort vun Argumenter nach méi ausschlaggebend, an dat sinn déi schoulesch Argumenter.

Mir wësse jo - Euphemismus - dass eis Schoul net déi performant ass. Mir hunn eis och während e puer Méint derzou Froe gestallt. Mir hu vill driwwer lamentéiert, polemiséiert a ganz verschidden drop reagéiert. D'Chamber huet en Hearing organiséiert. Aacht Wochen dono hu mer allerdéngs nach net ugefaang, Konklusiounen doraus ze zéien. Ech sinn och der Meenung, dass een an der

Politik näischt soll précipitéieren. Et muss ee gutt iwwerleeën éier een zur Aktioun usetzt, mä sou wäit kann ech a meng Partei jiddefalls awer scho Konklusiounen iwwert d'Verbesserung vun eisem Schoulsystem elo zéien, well mir hu Mängel an der Schoul festgestallt, woubäi ee besonnesche Punkt a schwer wiegenden, mengen ech och, doranner besteet, dass mer d'Inégalitëten an der Schoul net redresséiert kréien. Dass Kanner aus défavoriséiertem Milieu, sief et weinst der Sprooch, wou se défavoriséiert sinn, oder aus anere sozialen Ursaachen, net esou gehollef kréien, dass se hir Defizitter hei kéinten ausgläichen. Wat awer an eisen An eng Missioun vun der öffentliche Schoul ass.

Wa mer dee Reproche un d'Schoul eescht huelen, wa mer op deem Punkt Chancégerechtigkeit an der Schoul wëllen eppes verbesseren, da muss mer d'Schoulangebot erweideren, souguer wann een der Meenung ass, wéi vill Leit heibannen, d'Schoul wär jo do fir d'Kanner liesen, schreiwen a rechnen ze léieren, souguer da muss d'Schoul Hausaufgabenhëllef a Cours d'appui offréieren. Wann een dann och nach weess, dass d'Kanner Kompetenzen entwéckelen, sproochlech Kompetenzen, mä awer och sozial Kompetenzen, Kreativitéit, Teamgeescht. Wa se dat, wat se an der Schoul geléiert hunn, och kënnen uwenden am Spill an zesumme mat Komeroden a mat Kolleegen an der Schoul. Wann dat wichteg ass fir Chancégerechtigkeit ze garantéieren, dann ass et wichteg, dass d'Schoulangebot esou erweidert gëtt, dass déi Méiglechkeet besteet an dass duerfir Zäit an der Schoul bleift.

Et ass grad esou wichteg, dass dat Personal, wat déi paraschoulesch Aktivitéiten organiséiert, Kontakt huet mat den Enseignanten; dass se wëssen, wou d'Stärkten an d'Schwächen vum Kand leien; dass se zesummen e pädagogesche Projet hunn am Intérêt vum Kand; dass net deen een eppes opbaut, wat deen aneren demoléiert, well se net zesummeschaffen. Also muss dat paraschoulesch Angebot an d'öffentlech Schoul opgebaut ginn.

Awer an deem heite Fall gëllt jo d'Argument, d'Liewensgewunnechte jee no Gemeng wäeren verschidden, iwwerhaapt net, well den Echec scolaire ass net ofhängeg vun där Gemeng an där d'Eltere wunnen. Chancégerechtigkeit muss et fir all Kanner, egal wou se hei am Land wunnen, ginn. Duerfir wäert d'sozialistesche Partei dës Proposition de loi stëmmen, a mir bedauern den Neen vun der Majoritéit.

Déi Proposition de loi gesäit jo ganz vill Règlements grand-ducaux vir, wat d'Ausféierung ugeet. Normalerweise begreifen ech dat net terribel. An dësem Fall mengen ech awer just, dass déi Règlements grand-ducaux déi Flexibilitéit ginn, fir lues a lues dee System auszubauen, well se jo solle festleeën, wat de Minimum ass, an enger éischter Phase, dee muss offréiert ginn.

Et ass also eng Proposition, déi d'Gemengen net virun e Bierg géif stellen, wou se net driwwer géifen ewech-

kommen. Ech sinn och iwwerzeegt, dass, wann déi Proposition iwwerhaupt richteg diskutéiert gi wär, net nëmme prinzipiell, dass, wa se am Detail gekuckt gi wär, dass da sécher nach Aménagementen méiglech gewiescht wären, fir eventuell Iwwergangsléisungen. Dat Wichtigst war jo emol de Prinzip festzehalen, d'Rich- tung an déi mer ginn an dann d'Modalitéite lues a lues opzebauen.

Ech wollt nach ee Wuert zur Finanzéierung soen. D'Pro- position hält zréck, dass d'Investitiounskäschte vu Stat a Gemenge gedroe ginn. Den Innenminister huet gëschter effektiv hei ugedeit, dass de Répartitiounsschlëssel an der Finanzéierung vu Schoulinfrastrukturen zwëschen de Gemengen an dem Stat misst iwwerduecht ginn, well kleng oder méi aarm Gemenge ganz grouss Schwierig- keeten hunn, fir déi noutwendeg Infrastruktur zur Ver- fügung ze stellen. Sou dass mer also do eng Ouverture hunn, an dass dat also e wichtige Wee ass, deen ee misst am Sënn vun dëser Proposition de loi goen.

Wat elo d'Fonctionnementskäschten ugeet, esou hält d'Proposition de loi fest, dass déi solle vum Stat, vun de Gemengen a vun den Eltere gedroe ginn. Ech weess och, dass dat de Moment esou praktizéiert gëtt am Land, well jo och deelweis d'Angebote ganz verschidde sinn duerch d'Land. Ech wëll awer trotzdeem ze bedenke ginn, dass, wa mer der Meenung sinn, dass dat para- a përischou- lescht Angebot noutwendeg ass fir d'Qualitéit vun der Schoul, fir d'Förderung vun de Kanner, fir d'Chancé- gerechtegkeet hei am Land, wa mer also der Meenung sinn, dass et en Angebot muss vun der Schoul sinn, also ee Stéck vun der Schoul, a wa mer op där aner Säit um Prin- zip festhalen, dass d'Schoul fir déi Kanner, déi an engem obligatoresche Schoulalter sinn, muss gratis sinn, an do spuere mer jo net, well mer jo och Bicher zur Verfügung stellen, och Gesangsbicher - meng Kanner hunn dräi Mol e Gesangsbuch gratis zur Verfügung gestallt kritt, wat sécher net néideg gewiescht wär - also wa mer der Meenung sinn, dass dat zur Schoul gehéiert, da wär et eigentlech konsequent a logesch, dass d'Elteren net misste fir deen doten Deel bezuelen.

Ech sinn der Meenung, dass se solle bezuelen, wat d'lessen ugeet, d'Kantinen. Ech sinn och der Meenung, dass ee bei Vakanzenaktivitéite kann eng Contributioun maachen, mä wann den Encadrement e Stéck vun der Schoul ass, da sinn ech perséinlech jiddefalls der Mee- nung, dass dat zum Gratisschoulangebot hei am Land muss zielen, wéi eben déi normal Schoulstonnen och.

Da wëll ech nach soen, dass d'LSAP dës Proposition de loi stëmmt. Mir bedauern, dass d'Majoritéit emol net prinzipiell doriwwer diskutéiert huet. Et léisst jiddefalls déif blécken, wat d'Bildungsoffensiv ubelaangt. Si ass nach net fir haut. Villmools merci.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Mme Agny Durdu agedroen. D'Mme Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëllt dem Rapporteur merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Am Kader vun der Dialogbereetschaft an der Transparenz- fäegkeet vun dëser Majoritéit ass dës Proposition de loi vun engem Oppositionsdeputéierten, nom positiven Avis vum Statsrot, an der Kommissioun diskutéiert ginn. Den Auteur ass och Rapporteur genannt ginn, an dëse Rapport ass ugeholl ginn als Rapport, mä mat der klenger Nuance - wann ech dat esou dierf soen -, datt d'Majori- téit dës Proposition de loi net wäert ënnerstëtzen. Am Numm vu menger Partei wëllt ech dann e puer Gedanken duerleeën, déi eis dozou bewogen hunn, dëst Gesetz net ze stëmmen.

An dësem Text weist den Auteur däitlech drop hin, datt hien am Fong geholl eng Symbios wëllt tëschent den Opfänkstrukture fir d'Kanner an der Schoul. Ech zitieren: "La proposition de loi vise à ancrer dans la loi de 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire le droit à des structures d'accueil pour les enfants fréquen- tant l'enseignement préscolaire et primaire." Dësen Hauptgedanke steet awer allerdéngs a flagranter Kontra- diktoun zur aktueller Regierungspolitik. De 17. November 2000 huet de Regierungsrot decidéiert, datt den Educa- tiounsministère sech ausschliesslech géif ëm d'Bildung bekëmmern an de Familljeministère d'Aufgab hätt, fir d'Prise en charge vun de Kanner ausserhalb vun de Schoulstonnen ze iwwerhuelen.

Dës Astellung kennt net vun ongeféier a baséiert net nëmmen op enger einfacher Kompetenzopdeeling tëschent Ministère. Dëser Majoritéit no ass net d'Aufgab vun der Schoulpolitik, den Encadrement vun de Kanner 24 Stonnen op 24 ze assuréieren, oder soll ech soe vun owes sechs bis moies sechs. Eischtens hunn d'Elteren, eiser Meenung no, eng grouss Part u Verantwortung an u Responsabilitéit am Encadrement an an der Erziéung vun de Kanner. Zweetens hu mir hei am Land e Famillje- ministère, dee sech de familljespezifische Froe soll un- huelen an deen dat bis ewell am Fong geholl nach ëmmer gemaach huet.

Am sou genannten ASFT-Gesetz vum 8. September 1998 "réglant les relations entre l'Etat et les organismes oeuvrant dans le domaine social, familial et thérapeu- tique" sinn all Konditiounen reglementéiert, déi d'Struc- tures de garde erfëlle mussen a sollen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Firwat mat dëser Proposition de loi eis onnéideg Kompe- tenzproblemer siche goen? Kompetenz mengen ech hei elo net am Sënn vun enger ganz einfacher politescher an organisatorescher Opdeeling vun de Ministère, mä ech gesi se doranner, dass mer riskéieren ee Gesetz ze hunn, wat vun zwee verschiddene Ministère interpretéiert gëtt, mat deem Resultat, dass deen ee Ministère

et riskéiert esou ze interpretéieren, deen aneren esou. Deen ee Ministère huet ewell gutt Fonctionnaires, déi mat dësem Gesetzestext kënnen ëmgoen, d'Education nationale bis ewell nach net. Ech mengen mir sollen do och d'Kompetenz an engem Ministère, also dat heescht, déi gutt ausgebildeten oder déi Leit, déi am beschte kënnen mat engem Gesetzestext ëmgoen, och loossen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Mir sinn als Partei eis duerchaus bewusst, dass déi ekonomesch an déi soziologesch Développementer vun deene leschte Joren et mat sech bréngen, datt d'Besoine vun der Famillje ganz anerer si wéi fréier. D'Mme Delvaux huet se virausser ganz kloer opgestallt an eis an Erënnung geruff.

Mä mir sinn awer der Meenung, et dierf net esou sinn, datt d'Gemengen, wou d'Besoine schliesslech net iwwerall déiselwecht sinn - ech soen net, datt se net iwwerall bestinn, mä datt se net iwwerall déiselwecht sinn - forcéiert ginn, strikt Regeln, wéi zum Beispill d'Obligatioun, bannent sechs Joer Opfänkstrukturen zur Verfügung ze stellen, ze befollegen a parascolaire Betreuung ubidden ze mussen. All Gemeng muss fräi sinn hiren Awunner déi Strukturen ze offréieren, esou wéi d'Realitéit um Terrain et verlaangt oder et wënscht. Eng Solution globale ass eiser Meenung no net déi richteg Léisung.

Fir meng Positioun ze ënnermauern wëllt ech am Fong geholl just ee Saz aus dem Rapport ervirsträichen: "Si le besoin d'étendre l'offre des structures d'accueil pour les enfants fréquentant l'enseignement primaire n'est point contesté par les membres de la commission parlementaire, les points de divergence portent notamment sur la compétence ministérielle, sur l'obligation des communes à offrir dans un délai de six ans des structures d'accueil aux enfants dont les responsables font une demande et sur la fixation de règles déterminant l'organisation des structures d'accueil. Ces points de divergence n'ont pas été écartés au terme de la réunion jointe des trois commissions." Leider muss ech dem Rapporteur soen: Här Garcia, Dir hutt mech och an dëser öffentlecher Sëtzung net dovun iwwerzeegt, dës Projet de loi ze stëmmen. Deemgeméiss wäert och meng Fraktioun dës Proposition de loi hir Ënnerstëtzung verweigere an dergéint stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

(Interruption)

M. le Président.- Merci, Mme Durdu. Den nächsten Orateur ass den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass am Fong eng Neierung, déi mer de Mëtteg erliewen, datt mer eng Proposition de loi vun engem Deputéierten, deen aus der Oppositiounsreihe kënnt, a Form vun engem Projet de loi mat

engem Rapport vun der zoustänneger Kommissioun hei diskutéieren.

Et waren dräi Kommissiounen, déi zesummekomm sinn, an d'Resultat ass, datt e Rapport an der Kommissioun vun der Educatioun ugeholl ginn ass mat eelef vun zwielef Stëmmen, wou allerdéngs hannen am Rapport dra steet, datt d'Kommissioun der Chamber proposéiert, dës Proposition de loi net unzehuelen. Mä ech géif awer mengen, dass dat heissen eng Prozedur ass, déi scho richtig ass, och well d'Majoritéit net gewëllt ass, dësem Projet seng Zoustëmmung ze ginn. Mir hunn an deene leschte Joren ëmmer erëm en Neits d'Diskussioun opgeworf, wat mat de Propositions de loi vun den Deputéierten géif geschéien. Am Abléck si mer jo erëm an der Reglementskommissioun am Gaangen dorunner ze diskutéieren a mir hunn nach keen Accord fonnt, well eben eng Meenungsverschiddenheet tëschent der Majoritéit an der Oppositioun besteet, wat soll mat de Propositions de loi geschéien.

Mir mengen, datt déi Prozedur, déi mer hei gewielt hunn, déi eenzeg richtig ass, well éischters, wann een Deputéierten, ob dat aus der Majoritéit oder der Oppositioun ass, sech d'Méi mécht, fir eng Proposition de loi auszuschaffen - a mir huelen eis als Chamber gäre fir eescht fir déi Aarbecht, déi mer heibanne maachen -, da schéngt et mer och normal ze sinn, datt mer esou eng Proposition de loi hei net nëmmen, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, eng Kéier zéng Minutten diskutéieren an da verschwënnt se am Tirang, mä datt mer déi Proposition de loi un de Conseil d'Etat weiderginn, fir een Avis ze kréien, an nodeem, datt den Avis virläit, datt dann och déi zoustänneg Kommissioun sech domat befaasst. Do kënnt dann ee Resultat eraus, wat ebe vun der Majoritéit gedroe gëtt oder net an et kënnt hei an der Chamber zur Diskussioun. Da kann hei jidderee seng Meenung dozou soen, an esou wéi bei ville Projets de loi d'Oppositioun heihinner kënnt a seet: "Mir sinn net mat deem Projet de loi vun der Majoritéit d'accord, dierfir stëmmen mer eben dergéint", esou kann et dann och hei ëmgedréit sinn, datt d'Majoritéit...

(Interruptions diverses)

"Oft" hunn ech gesot. Mä esou kann och d'Majoritéit heihinner kommen a soen: "Mir si mat der Proposition de loi vun deem Deputéierten vun der Oppositioun net averstanen." Vläch kënnt da mat der Zäit och d'Erleuchtung, datt d'Majoritéit eng Kéier dee Schrack mécht a gutt Propositions de loi, wéi déi heissen zum Beispill, hei an der Chamber eben hir Zoustëmmung gëtt.

Här President, an där Proposition de loi, déi mer haut hei zur Diskussioun hunn, geet et am Fong ëm d'Structures d'accueil, déi solle queuesch duerch d'Land an de Gemenge geschaf ginn. Ech wëll hei fir d'éischt emol e Prinzip, dee mir als ADR ëmmer vertrieeden, virauschécken. Dat ass am Fong deen, datt de Stat net d'Recht

huet, fir sech an d'Famill anzemëschen. Et muss der Famill fräigestallt sinn, ob Mann a Fra schaffe ginn oder ob ee vun deene zwee Partner doheem wëllt bleiwen, fir ebe sech exklusiv der Erzéiung vun de Kanner ze widmen. Dat muss e Choix sinn, deen d'Famill eleng ze huelen huet. An et ass net um Stat, fir d'Famill an iergendwéi eng Richtung, an dësem Fall d'Fra, ze dirigéieren.

Wa mer vun der Viraussetzung ausginn, an duerfir hu mir jo och an der Renteproblematik als ADR ëmmer eng Mammerent verlaangt, well mer gesot hunn: D'Fra, déi doheem d'Erzéiungsaarbecht mécht, muss déi unerkannt kréien - an déi kritt déi jo elo och unerkannt -, well mer op där anerer Säit och där Fra, déi schaffe geet, als Gesellschaft eng Infrastruktur müssen dohinner stellen, wat eiser Meenung net méi wéi normal ass, déi och vun der Allgemengheet financéiert gëtt.

Et ass also net um Stat ze dirigéieren, mä et ass um Stat, fir der Famill eng Infrastruktur dohinner ze stellen, datt se de fräie Choix huet ze decidéieren. Eng Fra, déi gäre schaffe geet, oder eng Fra, déi eleng do steet mat Kanner - där sinn der net wéineg -, déi forcéiert ass schaffen ze goen, muss och d'Méiglechkeet hunn, schaffen ze goen an op där anerer Säit d'Garantie hunn, datt hir Kanner uerdentlech encadréiert a versuergt sinn.

Dofir musse mer quescheduerch d'Land déi Structures d'accueil zur Verfügung stellen, an dat geet ganz kleng un. Dat heescht, mir musse Garderien oder Crèche schafen, an da Structures d'accueil niewent der Schoul, déi mer jo lues a lues wäerten hikréien, oder zumindest alternativ queesch uechter d'Land eng Ganzdagsschoul ubidden. Dozou gehéiert dann, datt mer de Leit Kantinen ubidden oder Hausaufgabenhëllef, oder aner Aktivitéiten, déi niewent der Schoul musse gemaach ginn, fir de Kanner eng sënnvoll Betreierung während där Zäit ze ginn, wou d'Eltere musse schaffen.

Dat hei muss awer eng Struktur ginn, déi alle Kanner an alle Familljen ugebuede gëtt, egal wou se am Land wunnen. An ech si mat menger Virriednerin net d'accord, wa se seet, et géife Gemenge ginn, wou de Besoin net besteet. Et kënne Gemenge gi wou de Besoin, wat d'Zuel ubelaangt, net esou grouss ass wéi an anere Gemengen, mä ech sinn iwwerzeegt, datt et keng Gemeng hei am Land gëtt vun deenen 118, wou net och Leit sinn, déi e Besoin no esou Strukturen hunn, an dofir musse mer se flächendeckend ubidden. Wann et Gemenge gëtt, wou de Besoin un der Zuel net esou grouss ass, kann een et jo op regionalem Plang maachen, mä all Kanner an all Familljen, egal wou se am Land wunnen, müssen e Recht op déi Strukture kréien, egal aus wat fir enge soziale Schichten d'Kanner kommen.

Dofir ass et och normal, wa mer iwwert d'Finanzéierung schwätzen, datt eng Participatioun kënnt wou sozial Krittären dra sinn. Ech mengen, mir sinn eis eens, wa Mann a Fra schaffe ginn a si hunn e puer Honnert Dausend

Frang Revenu de Mount, dann ass et net un der Allgemengheet fir fir d'Käschten opzekommen, déi duerch d'Betreierung vun de Kanner entstinn. Do soll de reelle Chiffer bezuelt ginn.

Op där anerer Säit si mer eis awer och eens, datt een enger Fra, déi eleng do steet an de Mindestloun verdéngt, net kann déiselwecht Participatioun froen, mä datt dat éischter eng symbolesch Participatioun ass an datt do ebe muss vun der Allgemengheet méi eng grouss Participatioun kommen.

Datt dat soll, wéi an dëser Propositionioun virgesinn ass, banne sechs Joer realiséiert sinn, schéngt mer e realistesch an ustriefbaren Zäitraum ze sinn. Ech mengen, dat hei ass e Besoin, deen am Ablack am Land ganz grouss ass. Mir sollen also net higoen a keng Délaië setzen, mä mir müssen awer gläichzäiteg, wa mer Délaië setzen, och finanziell Krittäre schafen, déi et de Gemengen erlaben, déi Infrastrukturen dohinner ze rüchten. Ech kommen herno nach méi am Detail drop ze schwätzen, well et ass net nëmmen de Financement vun den Infrastrukturen, mä et sinn och d'Fonctionnementskäschten an d'Personalkäschten, déi sech doranner erëmispigelen.

Mä datt ee seet, kommt mir versichen an engem Zäitraum vu sechs Joer flächendeckend hei am Land déi Strukturen unzebidden, schéngt mer en néidegen Délai ze sinn, deen ee muss versichen anzehalen. An et ass eng vun de Prioritéiten, déi mer an eisem Choix de société musse setzen. Mir hunn e Land, wou mer ëmmer méi Leit erakréien, wou mer ëmmer méi Leit op den Aarbechtsmaart wëllen a musse kréien. Dann ass de Revers dovunner och, datt mer dat begleede mat dëse Strukturen, fir de Familljen a virun allem de Kanner eng gutt alternativ Erzéiungsméiglechkeet ze bidden.

Mä et ass ee vun den Hauptpunkten, wou d'Regierung sech dru stéiert, fir dëser Proposition de loi zouzestëmmen, well eben en Délai gesat ass vu sechs Joer. Dat heescht an anere Wieder, d'Regierung gesäit net an, datt ee soll kuerzfristeg déi Structures d'accueil queesch duerch d'Land opbauen an d'Regierung gesäit eng Zäit vir, déi iwwert déi sechs Joer erausgeet, fir déi Structures d'accueil flächendeckend am Land ze schafen.

Dat Zweet ass déi Kompetenzopdeeling tëscht Educatiouns- a Familljeministère. Mir hunn dat hei schonn eng Kéier diskutéiert. Ech hu vun eiser Säit aus gesot, datt ech dat och net glécklech fannen, well dat Ganzt fonctionnéiert trotz allem zesummen. An déi Gemengen, déi dat scho lafen hunn oder amgaang si lafen ze loosse, gesinn, datt zwee Ministère versichen do matzediskutéieren an datt déi zwee Ministère a wesentleche Punkten aner Usiichten hu wéi dat Ganzt soll fonctionnéieren.

(Interruption)

Dofir, Här Weiler, ass et net esou wéi meng Virriednerin, d'Mme Durdu, hei gesot huet, datt dat eng Kompetenz-

opdeelung war an der Regierung, mä ech géif éischer soen, et war e Kouhandel bei de Koalitiounsverhandlungen. Well d'CSV der DP den Educationnsministère ofginn huet, ass den Enseignement supérieur bei d'CSV komm an eben och d'Structures d'accueil, wat menger Meenung no awer och zu der Schoul gehéiert. Mä d'CSV wollt dat ënner hire Fittichë behalen. Et ass also e politesche Kouhandel, deem dat hei bewierkt huet, an et ass net, datt do no objektive Kritäre versicht ginn ass a gesot ginn ass, wa mer dat elo an zwee Ministèrenen opdeelen, da fonctionnéiert et besser. D'Realitéit ass just de Contraire.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro vun der Finanzéierung hänkt, wéi gesot, net nëmme mat der Investitioun zesummen, mä si hänkt och domat zesumme wat d'Dimensiounen ubelaangt, a si hänkt och domat zesumme wat d'Personal ubelaangt, wa mer wëssen, datt mer virdu scho Structures d'accueil a Gemenge geschaaft hunn, wéi dat nach ënnert dem Educationnsministère war.

Mir hunn duerno d'ASFT-Gesetz kritt a mir hunn d'Kompetenzen un de Familljeministère ginn. Ech kennen eng Nopeschgemeng vu mir, déi huet hir Structures d'accueil nei ageweit, an dunn ass de Regierungswiessel komm, d'Kompetenze sinn nei opgedeelt ginn, an du sinn déi vum Familljeministère komm a si hu gesot, déi Kantin an dat, wat elo nei gebaut gi wier, misst zougemaach ginn, well dat géif net de Kritären, wéi de Familljeministère dat géif virgesinn, entsprechen. Esou kann et jo awer net sinn, datt dat vun engem Ministère zum anerem eng Kéier richteg an eng Kéier falsch ass, mä et ass awer d'Realitéit.

Ech hunn näischt géint d'ASFT-Gesetz, well mir hunn et och gestëmmt, mä mir mussen eis haut awer d'Fro stellen, wa mer Moosse kucken, déi mer virschreiwen, déi mer brauche fir Kanner a Kantinen, wat d'Raim ubelaangt, wat mer do musse grouss m²-Fläche bauen, ob mer do vläicht net iwwerspëtzt formuléiert hunn.

Mir sollen emol nokucke wann eng Gemeng eng Schoul huet, wou 300 Kanner dra ginn, an et geet een erfahrungsméisseg dovun aus, dass d'Halschent haut an d'Kantin mëttes geet.

(Interruption)

Dach, dat ass haut esou. A Gemenge wou vill jonk Leit wunnen ass et eng Réalitéit, datt d'Halschent mëttes an der Kantin ësst. Bei eis an den Nopeschgemenge geet d'Halschent vun de Kanner iessen, well vill jonk Leit do wunnen, déi schaffe ginn. Dofir musse mir et och bei eis an der Gemeng maachen, well d'Besoine grouss sinn.

Wann een da kuckt wéi vill m² virgeschriwwen ginn, fir déi Betreierung ze maache vun 150 Kanner, da baut ee praktesch flächeméisseg nach eng Kéier eng Schoul derniewent, eleng fir d'Structures d'accueil ze maachen. An do musse mer eis d'Fro stellen, ob mer net iwwerspëtzt légiféréiert hunn, wat d'm² ubelaangt.

Da kënnt jo och nach de Revers an d'Konsequenz dovunner: Wa mer esou vill Raim schafen an d'Zuel vun de Kanner, menger Meenung no, relativ fréi limitéieren, da brauche mer och erëm vill Personal fir d'Surveillance vun de Kanner ze maachen, an och dat gëtt en enorme Käschtepunkt, deem op eis duerkënnt.

Et ass also net nëmme d'Investitioun, déi vill kascht, mä et sinn herno och d'Frais de fonctionnement an d'Frais de personnel, déi enorm wäerten zu Buch schloen, wa mer iwwerspëtzt mengen en absolute Maximum missten ze maachen.

Et muss och méiglech sinn an engem Raum 30 Kanner zu Mëtteg z'iessen ze ginn an net, wéi et haut virgesinn ass, datt, jee nodeem wéi al d'Kanner sinn, manner wéi eng Dose Kanner dierfen zesummesetzen, fir zu Mëtteg z'iessen, wéi een an enger Klass dierf hunn. Do kënnen der nach 25 zesummesetzen.

Ech wëllt dat abréngen, datt mer eis doriwwer sollte Gedanke maachen, well dat betrëfft de Stat, dat betrëfft d'Gemengen alleguer an zum Schluss stellt sech d'Fro, ob mer à même sinn, fir déi Strukturen iwwerall unzibidden, well wa mer dat iwwerspëtzt formuléieren, datt de Käschtepunkt doduerch esou an d'Luucht gedriwwen gëtt, da muss herno eng Rei vu Gemengen einfach aus finanziellen Iwwerleeunge kapituléieren, fir déi Strukturen, déi se gäre géifen ubidden, kënnen ze maachen.

An datt op där anerer Säit endlech vum Ministère aus déi kloer Kritäre kommen, wéi d'Participatiounen sinn. Gëschter huet den Innenminister hei eng Ouverture gemaach, mä domadder kënne mer nach net allze vill ufänken.

Mir hunn als ADR eng Kéier eng Motioun abruucht, datt net nëmme wat déi dote Subventiounen vis-à-vis vun de Gemengen ubelaangt, mä fir all Subventiounen, déi d'Gemengen zegutt hunn, d'Regierung misst all Joer e Rapport maachen, wou se géif virleeë wat déi verschidde Ministèrenen un d'Gemengen als Subsidien ausbezuelt hunn, laut wat fir enge Kritären an op Grond vu wat fir enger legaler Basis. Déi Motioun war deemools, wéi de Kolleeg Gira an ech d'Interpellatioun iwwert d'Gemegefinanzen haten, eestëmmege vun der Regierung ugeholl ginn. No annerhalwem Joer war näischt geschitt. Du hu mer d'Motioun nach eng Kéier abruucht an dunn ass se glungenerweis vun der Majoritéit ofgeleent ginn. Dat weist natierlech net allze grouss Transparenz, well wann en transparent wier, dann hätt kee Ministère e Problem fir all Joer d'Chifferen op den Dësch ze leeën ënner wat fir enge Kritäre wat fir Subsidien déi eenzel Gemenge kréien. Wann d'Regierung awer refuséiert fir déi Transparenz op deem Niveau do, wou jo net weeneg Geld zur Diskussioun steet, spillen ze loossen, dann dierf se och op där anerer Säit net vun Transparenz schwätzen a muss se sech och mat Recht gefale loossen, datt eng gewësse Skepsis vun eenzelne Gemenge vis-à-vis vu verschiddene Ministèrenen, wat d'Verdeele vun de Subsidien ubelaangt, ubruucht gëtt.

Dofir brauchen d'Gemengen och hei kloer Kritären, ënert deenen déi Subside bezuelt ginn an och wéini datt se bezuelt ginn, well d'Gemege sinn haut finanziell net méi à même fir Abenteuer anzegoen oder fir d'Bank vum Stat ze spillen, fir datt se iergendwéi eng Kéier Subsidien, déi se zegutt hunn, vum Stat solle kréien.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dofir wier déi hei Proposition de loi e gudde Schratt an déi richteg Richtung. Et ass ze bedauern, datt d'Majoritéitsparteien net de Mutt opbruecht hunn, fir dofir ze stëmmen. Genau esou bedauern ech, datt kee Vertrieeder vun der Regierung et derwäert fonnt huet, fir bei esou enger Debatt iwwerhaapt present ze sinn. Do gesäit ee wéi wäit datt de Respekt vun der Regierung vis-à-vis vum Parlament geet. Dat seet genuch.

Mir wäerten dëser Proposition de loi eis Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kënnt elo hei ganz sarkastesch ufänken a soen, ee Gléck, dass mer de Problem hu vun de fräien Nuechten an der Stad Lëtzebuerg. Da kënnt et wéinegstens och zu enger Diskussioun iwwert de Problem vu Crèchè fir Schoulkanner, well Dir wësst esou gutt wéi ech, wann haut net d'Proposition de loi vun de Kollege Mosar an Helminger um Ordre du jour gewiescht wier, da géinge mer och elo net iwwert d'Proposition de loi vum Robert Garcia diskutéieren, well fräi nom Motto "Dialog an Transparenz" hunn déi zwee Fraktiounscheefe sech mat Hänn a mat Féiss dergéint gewiert, dass déi Proposition de loi hei iwwerhaapt zur Sprooch sollt kommen. Mä et hätt jo awer wirklech schlecht zu dësem Slogan gepasst, wann de Mëtteg eng Proposition de loi vun zwee Majoritéitsdeputéierten hei diskutéiert an och ofgestëmmt gi wier, an doniewent hätt een awer missten eng Proposition de loi vun engem Oppositionsdeputéierte weiderhin am Tirang halen.

Dofir da merci deene Leit, déi d'fräi Nuechte wollte verlängeren. Esou kënne mer dann och haut iwwert dem Kolleg Garcia seng Proposition de loi schwätzen.

Ech wëll awer net an den Detail vun der Odyssee vun dëser Proposition de loi agoen. Dofir hunn ech net Zäit genuch. Ech wëll nach e puer Wieder am Numm vun der grénger Fraktioun zum Fong vun dëser Proposition de loi soen, well mir sinn der Meenung, dass de Fong méi aktuell ass wéi jee.

De Sujet vu paraschoulesche Strukturen war aktuell wéi dës Proposition de loi déposéiert ginn ass. En ass awer nach villméi aktuell ginn no der Publikatioun vun der PISA-Etüd. An där Etüd kann ee jo villes lesen a villes erëmfannen, mä virun allem fënnt een do zwee Resul-

tater, déi relevant sinn an deem Kontext, dee mer haut de Mëtteg hei diskutéieren.

1. Zu Lëtzebuerg bréngt d'Schoul et net fäerdeg, déi sozial Defiziter tëschent verschiddene Kanner opze-fänken. Am Géigendeel, an dat ass eigentlech ganz grave, si verstärkt de Gruef nach tëschent verschiddene Kategorie vu Kanner. Dat gëllt besonnesch fir Auslännerkanner.
2. Grad an deene Länner, wou esou Structures d'accueil, wéi déi vun deene mer haut schwätzen, existéieren, ass et am beschte gelongen, de Gruef tëschent sozial schwachen a méi staarke Kanner zouzemaachen. Dës Resultater, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, confirméieren dat wat DÉI GRÉNG iwwert dës Proposition de loi gesot hunn.

Dës Resultater bestätegen eis awer och genau an deenen zwee Punkten, wou mer fundamental anescht leie wéi déi aktuell Regierungspolitik, nämlech

1. fir d'Kompetenz am Educationnsministère ze loosse fir dës Structures d'accueil an
2. awer och, dass ee muss e Recht schafe fir all Kand, dat wëllt, an deementspreechend dann och d'Gemege mussen esou Structures d'accueil ubidden.

Zum éischte Punkt wëll ech soen, dass d'Schoul eleng, an egal wéi mer se reorganiséieren an egal wéi offensiv mer un d'Schoul eruginn, wäert och an Zukunft net all sozial Defiziter kënnen opfänken. Dofir brauche mer onbedéngt dës paraschoulesch Strukturen. Mä et misst awer dann e Ganzt sinn, et misst eng ganz enk Koordinatioun existéieren um nationale Plang. Dat ass schonn hei vum Virriedner ugeschwat ginn. Mä och um kommunale Plang - an et schéngt jo elo scho schwéier ze sinn, dass déi zwee Ministère sech eens ginn - wäerte mer erliwwen, wann déi Strukturen emol méi flächendeckend sinn, dass Schwieregkeeten optauchen, well keng kloer Institutioun do ass, déi den Interface mécht tëschent deenen zwou Institutiounen.

Do kann ee soen, wann d'Gemeng selwer dës Structures d'accueil bedreift, dann ass zumindestens nach de Schäfferot oder de Buergermeeschter den Interface, wou e kann dofir suergen, dass eng gewësse Koordinatioun tëschent deem wat an der Schoul geschitt, an deem, wat a senger Structures d'accueil passéiert, besteet, obwuel en, an dat wëssen alleguer déi, déi Buergermeeschter sinn, relativ wéineg Matsproocherecht an der Schoul u sech selwer huet. Mä zumindestens, mengen ech, kann en awer informell dofir suergen, dass do zesumme-geschafft gëtt. Mä wie mécht de Lien, wann dës Structures d'accueil vun enger A.s.b.l. gëréiert ginn?

Kënnt Dir lech da virstellen, dass de President oder d'Presidentin vun esou enger A.s.b.l. an d'Schoul geet an dem Schouldelegéierten oder eenzelne Léierpersounen

seet, mir wiere frou, wa gewësse Programmer an der Schoul géingen ugepasst ginn op déi Aarbecht, déi mir an eise Structures d'accueil maachen, oder vice versa? Ech ka mer net virstellen, dass Léierpersonal sech vun engem President vun enger A.s.b.l. wëllt a säin Job draschwätze loossen. Dann hu mer dat, dass mer am Fong zweespureg fueren, dass mer déi eng Kanner hunn, déi an eng öffentlech Schoul ginn, an dann hu mer déiselwecht Kanner, déi mëttes an eng privat Institutioun ginn, an et ass eigentlech keen do, deen dofir suerzt, dass do net kontraproduktiv Aarbecht gemaach gëtt, an deen dofir suerzt, dass regelméisseg déi Aktivitéiten, déi mëttes sinn, koordinéiert gi mat deenen, déi an der Schoul sinn. Ech menge schonn, dass mer no enger Rei Jore wäerte gesinn, dass dat do op méi wéi enger Plaz zu ganz konkrete Problemer wäert féieren.

A wann ee vun der Regierung hei wier, da géing ech froen, awéiwäit bis elo där Fuerderung, déi an enger Motioun, déi bei der Interpellatioun vum Här Di Bartolomeo vun der Majoritéit och matgedroe ginn ass, wéi dann elo d'Koordinatioun um lokalen an um nationale Plang soll stattfannen, Rechnung gedroe ginn ass. Déi Motioun war vun der Regierung ugeholl ginn. Bis elo hu mer net matkritt an der Praxis, dass do eppes soll geschitt sinn. Vlächtt kann een dat dann iwwer eng Question parlementaire nohuelen.

2. Dofir si mer och der Meenung, dass et e Recht muss sinn, dass déi Kanner, déi wëllen an esou eng Struktur goen, och kënnen dohinner goen, well et einfach eng ganz dréngend gebrauchten Offer ass. Ech mengen, et ass an Zukunft nach méi dréngend, well d'Fraenerwerbsquote wäert och zu Lëtzebuerg an d'Luucht goen, an et ass grad noutwendeg an engem Land, wou et ëmmer méi wichteg wäert ginn, méi fir d'Integratioun vun Immigrantekanner ze suergen.

Ech fannen et wierklech net gutt, wann et herno dem Zoufall iwwerlooss ass, a wéi enger Gemeng ee grad wunnt. A besonnesch fir Immigrantefamilljen, déi Lëtzebuerg iwwerhaupt net kennen, déi op Lëtzebuerg kommen, éischter nom Zoufallsprinzip an iergendeng Gemeng wunne ginn, do en Haus kafen an dann op eemol feststellen, wann hir Kanner sollen an d'Schoul goen, dass awer grad an där Gemeng, wou si sech niddergelooss hunn, keng esou Offer ass. Mir fannen dat wierklech net an der Rei. Domat hu mer keng Chancegläichheet méi zu Lëtzebuerg, an ech kann dat iwwerhaupt net deele wat d'Mme Durdu hei gesot huet.

Ech weess net, wou se dru kënn fir ze behaupten, dass d'Demande total ënnerschiddlech wier am ganze Lëtzebuerger Land. Dat ass einfach aus der Héft geschoss, well wann ee sech d'Méi mécht an et kuckt een emol wat dobaussen iwwer Land lass ass, da stellt ee fest, dass déi soziologesch Zesummesetzungen an déi soziologesch Besoinen zu Lëtzebuerg iwwerhaupt net méi esou grondverschiede sinn.

Ech ka wierklech do aus Erfahrung schwätzen. Wéi mer eis zu Biekerech mat deem Projet do befaasst hunn, hu mer als alleréischtkuckend, wéi dann d'Situatioun bei eis an der Gemeng wier, wat jo nach eng relativ typesch ländlech Gemeng ass, a mir haten am Virfeld och éischter dat Viruerteel, dass sécherlech am ländleche Raum den Taux d'activités vun de Fraen nach wesentlech méi kleng wier wéi an der Stad.

Abee, wat hu mer erausfonnt, nodeem mer eise Fichier vun der Populatioun konsultéiert hunn? Viru véier, fënnef Joer war zu Biekerech den Taux d'activités vun de Frae just 1% méi niddreg wéi an der Moyenne nationale, an et ass iwwerhaupt net méi wouer, dass mer do nach grave statistesch Ënnerscheeder hätten.

Sécher mag et nach quantitativ gewëssen Ënnerscheeder ginn, wéi de Kolleg Gibéryen dat och gesot huet, mä ech sinn iwwerzeegt, dass, wann een haut d'Volkszählung an all Gemeng kuckt, wi vill Prozent vun de Fraen iwwer Land schaffen, kaum eng Gemeng do ass, wou den Taux d'activités vun de Frae méi wéi 5% wäert iwwer d'nationale Moyenne goen.

Ech fannen, da gehéiert et zur Chancegläichheet an deem Land hei, dass all Stéit, all Familljen, déi iergendwou wunnen, déiselwecht Chancë fir hir Kanner kréien.

Ech fäerten, mat der Regierungsapproche wäert et nach laang dauere bis an där leschter Gemeng déi do Offer wierklech realiséiert gëtt, well mir kënnen dat jo novollzéien. Mir hu jo e Verglach mat de Crèche vun null bis véier Joer. Wéi laang ass et hier, dass déi éischt Crèche agefouert si ginn? Dat sinn ëmmerhi 15 Joer, wann net scho méi laang. Et gëtt haut nach ganz Regiounen am Lëtzebuerger Land, wou net emol eng minimal Offer an deem Beräich besteet.

Elo si scho 15 bis 20 Joer an d'Land gezunn an et wäert nach laang daueren ier an deem leschten Eck vum Lëtzebuerger Land esou Crèche sinn. An dann huet een dee ganze Problem, deen éinescht schonn ugeschwat ginn ass, dass Familljen dat net beduecht hu wéi se iergendwou wunne gaange sinn, oder si mussen anzwoosch anescht schaffen goen. Da kréie mer déi ganz Problemer mam Minerval a gewësse Gemengen asw. Ech mengen net, dass dat eng glécklech Situatioun ass, an d'Zuel vun de Leit, déi an deem Fall sinn, wäert sech ganz schnell no uewen entwéckelen, an dofir mengen ech, dass et nach eng Éiwegkeet dauert mat där defensiver Approche, déi dës Regierung zu dësem Problem huet.

Et soll ee sech elo net blende loosse vun där Äntwert op dem Kolleg Di Bartolomeo seng Question parlementaire, wou gemaach ginn ass, wéi wann an der Tëschenzäit de Problem an 43 Gemenge geléist wier. Dat ass net richtig.

Wann een deen Tableau ganz genee kuckt, da stellt ee fest, dass zwar an 43 Gemengen iergendeng Offer an

deem dote Beräich ass, sief dat eng Kantin, sief dat Hausaufgabenhëllef, sief dat e komplett Angebot. Wann een déi Statistik awer emol ganz genee kuckt an auserneen hält, da stellt ee fest, dass de Moment just an néng Gemenge vum ganze Lëtzebuerger Land wierklech eng komplett Offer do ass, wou och enger eleng erziénder Fra gehollef ass iwwert d'ganz Joer, wou och enger Koppel, wou déi zwee Leit d'ganz Joer 40 Stonnen d'Woch schaffen, wierklech gehollef ass. Well ech froen lech, Här President: Wat huet eng eleng erziéend Fra vun enger Offer, wou dräimol oder och nach fënnefmol d'Woch eng Kantin op ass? Domat ass där Fra net gehollef. Wat mécht déi an de Vakanzen? Wat mécht déi wa se krank ass asw.? Dofir géing ech wierklech dofir warnen elo ze maachen, wéi wa mer an deem Domän hei schonn iwwert de Bierg wieren.

Ech wëll lech awer och nach soen, Här President, dass mer eis bestätégt fillen duerch eng wëssenschaftlech Etüd, déi ech bei mer hunn an déi d'lescht Joer d'Stad Zürich an Optrag ginn huet, fir eng Evaluatioun vun hire Crèchen ze maachen. An der Stad Zürich gëtt et 100 Crèchè mat 2.000 Plazen, wou 3.500 Kanner versuergt ginn. An där Etüd ass de gesellschaftlechen Impakt vun dese Crèchè vun der Stad Zürich ënnersicht ginn.

U sech si ganz positiv Resultater op zwee Niveauen erauskomm. Um qualitativen Niveau seet dës Etüd Folgendes:

Kanner aus duerchschnëttleche Verhältnissen hu positiv Auswierkungen erlieft op d'schoulesch Leeschtungen, wa se an esou Strukture waren.

Kanner aus benodeelegte Verhältnissen hunn zousätzlech zu deene gudden Auswierkungen op hir schoulesch Leeschtungen och nach eng besser sozial Integratioun erlieft.

Awer wat dës Etüd ganz kloer seet, an dat hu mir als Gréng vun Ufank un ëmmer gesot: D'Virussetzung, dass déi positiv Resultater op d'Kanner do sinn, ass, dass d'Qualitéit vun dese Servicer ganz héichwäerteg ass, a wie Qualitéit seet, dee seet qualifizéiert Personal. Dat ass den A und O vun deene Servicer.

Mä, ech muss lech soen: Mir ware selwer erstaunt iwwert déi ganz positiv Resultater u quantitativem Niveau, spréich ekonomeschen Niveau, wat den Impakt vun esou Crèchen ass.

Et ass nämlech en erstaunlecht Resultat bei dëser Etüd erauskomm. Fir all investéierte Frang an esou eng Struktur, kritt d'Gesellschaft dräi bis véier Frang volkswirtschaftlech zrëck. Dat kann een noliessen an dëser Etüd. Wann ee se gären hätt, kënne mer Kopie maachen.

Ech mengen, et ass scho wichteg, dass grad an deem Domän, wou nach vill Viruerteeler doruechter zirkuléieren, een och emol eng Kéier ka wëssenschaftlech noliessen, wéi en Impakt esou Strukture volkswirtschaftlech

hunn. Wéi kann dat zustane kommen? Do gëtt et fënnef Grënn:

1. Dat Personal, dat do schafft, bezillt Steieren.
2. Déi Eltere kënnen zu zwee schaffe goen. Doduerch klëmmt hiert Akommes an et ginn erëm méi Steiere bezuelt.
3. D'Paus, wou Leit net schaffe ginn, gëtt méi kleng. Doduerch verleeft hir Carrière besser, geet hire Salaire an d'Luucht, et ginn erëm méi Steiere bezuelt.
4. Méi Elteren, méi Famillje kënnen hir Existenz selwer ofsécheren an doduerch brauchen d'sozial Servicer manner Geld ze bezuelen, brauche manner dacks ze intervenéieren, well déi Familljen, grad mat niddrege Revenuen, selwer kënne fir hir Existenz suergen.
5. Et kënnt eng besser Integratioun vun de Kanner zustanen an doduerch gëtt preventiv Sozialarbecht gemaach an d'Stad Zürich spuert Sue fir "end-of-pipe"-Sozialdépendenzen.

Doniewent ass et och ewell esou, dass an der Tëschenzäit de Fait, dass esou Strukturen anzwousch sinn, zu engem Standuertvirdeel gëtt, well ganz einfach eng Rei Firme sech renseignéieren a soen, mir hunn héich qualifizéiert Mataarbechter, mir hu ganz vill Frae bei eis schaffen, wéi ass et mat sozialen Infrastrukturen, gëtt et Crèchen? Och dat kann e sou genannten douce Kritär sinn, firwat dass Betriber an eng Géigend kommen, ganz ze schwätze vu Leit, déi och ganz bewusst de Choix huelen - dat mierkt een och schonn hei am Land -, dass se a Gemenge wunne ginn, wou se wëssen, dass se déi doten Offer kréien.

Dofir, Här President, dës Etüd beleet, dass dat, wat mir eigentlech scho laang soen, richtig ass, an ech hoffen, dass och esou neutral Resultater dozou bäidroen, eng Rei Viruerteeler ofzeschaffen.

Structures d'accueil si keng Parkplaze fir Kanner, keng Plaze wou gutt verdingend Koppelen op Käschtchen vun der Allgemengheet hir Kanner erzieie loossen, mä Structures d'accueil sinn dringend noutwendeg Instrumenter vun offensiver sozialer Integratioun. Si sinn Instrumenter vu gesellschaftlecher Chancegläichheet an dat besonnesch an engem Land mat 40% Auslännerundeel.

Structures d'accueil sinn och kee Faass ouni Buedem, mä hire vollekwirtschaftlechen Notzen ass dräi- bis véiermol méi héich wéi dat, wat u sech de Fonctionnement d'Gesellschaft kascht, jo esouguer wann ee reng d'Steiere kuckt, bréngen esou Strukture méi Geld an d'Keess wéi se schlussendlech d'öffentlech Hand kaschten. An dofir si mir nach wie vor der Meenung a méi wéi je, dass déi méi offensiv Approche, déi an där Proposition de loi Garcia dran ass, sécherlech méi richtig ass wéi déi dach relativ defensiv Approche, mat där dës Regierung un dës Problematik erugeet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vun der Proposition de loi 4653 a stëmmen driwwer of.

Lecture des articles de la proposition de loi (par M. Jean Spautz)

Den neien Artikel 17 gëtt gelies.

De Vote électronique ass gefrot.

Vote sur l'article 17 nouveau

Déi fir den neien Artikel 17 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

Den neien Artikel 17 ass mat 34 Stëmme géint 26 ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Lydie Err) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Patrick Santer), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Niki Bettendorf), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Den neien Artikel 17 ass ofgelehnt.

Den neien Artikel 18 gëtt gelies.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, d'Majoritéit lehnt d'Artikelen selbstverständlech of. Mir kënnen all Kéiers e Vote électronique maachen, mä mir kënnen dat awer och par main levée maachen.

M. Emile Calmes (DP).- Mir wëllen awer wëssen, dass Dir dergéint sidd, Här Weiler.

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir si jo dergéint, mir décaléieren dat just.

Une voix.- Mat main levée, dat geet net duer. Dir musst Faarf bekennen.

M. le Président.- Et besteet keen Ënnerscheed tëschent ofstëmme par main levée an engem Vote électronique.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- D'accord fir e Vote par main levée vun den Artikelen, well d'Proposition de loi gëtt jo herno elektronesch ofgestëmmt.

M. le Président.- Mir stëmme par main levée of iwwert den neien Artikel 18.

Vote sur l'article 18 nouveau

Wie fir den neien Artikel 18 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Den neien Artikel 18 ass ofgelehnt.

Den neien Artikel 19 gëtt gelies.

Vote sur l'article 19 nouveau

Wie fir den neien Artikel 19 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Den neien Artikel 19 ass ofgelehnt.

Den neien Artikel 85 gëtt gelies.

Vote sur l'article 85 nouveau

Wie fir den neien Artikel 85 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Den neien Artikel 85 ass ofgelehnt.

Den neien Artikel 86 gëtt gelies.

Vote sur l'article 86 nouveau

Wie fir den neien Artikel 86 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Den neien Artikel 86 ass ofgelehnt.

Den neien Artikel 113 gëtt gelies.

Vote sur l'article 113 nouveau

Wie fir den neien Artikel 113 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

1888

Wien ass dergéint?

Den neien Artikel 113 ass ofgelehnt.

Den neien Artikel 114 gétt gelies.

Vote sur l'article 114 nouveau

Wie fir den neien Artikel 114 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Den neien Artikel 114 ass ofgelehnt.

Esou wéi d'Gesetz et virschreift, stëmme mer elo iwwert déi gesamt Proposition de loi 4653 of.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi

Déi fir d'Proposition de loi sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Proposition de loi ass mat 32 géint 26 Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Ady Jung), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Nicky Bettendorf), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um 14.30 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.09 heures)